

Als éischte Punkt hu mer haut de Mëtteg um Ordre du jour d'Question urgente N°1778 vum Här Jacques-Yves Henckes relative au trafic de fausses autorisations commerciales. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

## 2. Question urgente N°1778 de M. Jacques-Yves Henckes relative au trafic de fausses autorisations de commerce

»»» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Regierung Merci soen, an och der Chamber, datt se d'Urgence vun der Fro unerkannt huet.

Et ass am Land en Trafic vu falschen Autorisations de commerce entdeckt ginn. Dat wat um Ufank just nuren e puer Eenzelfäll sollte sinn, huet sech awer, no mengen Informatiounen, erausgestallt als e ganz groussen Trafic. Anscheinend sinn iwwer 100 falsch Autorisatiounen erausgaangen, oder richteg Autorisatiounen erausgaangen, mä op Basis vu falsche Pabeieren!

Et wieren essentiellement portugisesch Firmen oder portugisesch Ressortissanten, déi dovunner beträff wieren. A verschid-dene Fäll ass souguer geschwat ginn, hei ass een, wou ech Bescheed weess, datt en 30.000 Euro bezuelt huet, fir falsch Diplomer a Portugal ze kréien, fir och eng Autorisa-tion, eng Maîtrise ze kréien a Portugal. Déi Maîtrise ass dann zu Lëtzebuerg iwwer-schriiwe ginn, a lues a lues ass awer déi ganz Affär do erauskomm.

Et ass kloer, datt dat doten eng etlech Pro-blemer opwerft. Ech wollt dofir e puer Froen un d'Regierung stellen:

Éischtens, kënnst Der mer déi Faiten, déi ech elo kuerz beschriwwen hunn, confirméieren?

Zweetens, stëmmt et, datt eng Instruction judiciaire ënnerwee ass an datt verschidde Persoune scho verhaft gi sinn an där Affär? Ech weess net, ob et hei zu Lëtzebuerg ass oder am Ausland.

Si lëtzebuergesch Fonctionnaires oder kéinten déi an deen Trafic implizéiert sinn oder ass eng Enquête respektiv eng Instruc-tioun en cours?

A véiertens, étant donné datt logescherweis missten déi Entreprises alleguerten zouge-maach ginn a Strofkloue géint déi Leit ge-fouert ginn, an étant donné datt awer déi Entreprises, iwwer 100, eng etlech Leit be-schäftegen - et gëtt vu 400 bis 500 Leit ge-schwat -, wäert dat doten natierlech en etlech Problemer opwerfen um soziale Plang fir déi Leit, déi natierlech hir Aarbechtsplaz kéinte verléieren. Déi steier-lech Implikatiounen, Marchés publics kéinten a Fro gestallt ginn. Bref, och fir de Stat gëtt et eng etlech steierlech Nodeeler. Dofir wollt ech froen, wéi d'Regierung wëllt dee Problem do ugoen, wann déi Faiten, déi ech elo kuerz beschriwwen hunn, géife bestätegt ginn.

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo den Här Fernand Boden, Mëttelstandsminister.

»»» **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ech ka confirméieren, ass, datt en Trafic vu falschen Diplomer an CE-Zertifikater vun eisem Ministère opgedeckt ginn ass, an doropshin hu mer direkt den 10. Abrëll de Parquet saiséiert an dëst och den 12. Abrëll an engem Pressecommuniqué matgedeelt.

Et sinn effektiv no eisen Erkenntnisser méi wéi 100 Betriber, déi sech op déi Aart a Weis eng Autorisatioun erschlach hunn. Mir traitéiere ronn 12.000 Dossieren am Joer, respektéieren dobäi strikt Regeln an der Instruktioun vun den Dossieren, an eise Ser-vice „Autorisation“ ass ISO-zertifizéiert, mä kriminell Energie fënnt ëmmer nees e Wee, fir laanscht d'Regelen ze kommen.

Eisen Informatiounen no hunn d'Präisser, fir op dës Aart a Weis un eng Autorisatioun erunzekommen, tëschent 8.000 an 28.000 Euro variéiert. Ech wëll net ofstreiden, datt vläicht een der 30.000 bezuelt huet, wéi den Här Henckes elo gesot huet, mä am Prinzip sinn eisen Erkenntnisser no tëschent 8.000 an 28.000 Euro bezuelt ginn.

Zur zweeter Fro: Et ass richteg, datt opgrond vun eiser Initiativ eng Instruction judiciaire opgemaach ginn ass, an datt den Ennersuchungsriichter och scho Leit an Untersuchungschaft gesat huet, vun deene mer déi genee Zuel awer net kennen.

Drëtt Fro: Et ass kee vun eisen aktive Beamten inculpéiert. Et gëtt zwee Employéen, déi méi heefeg Kontakt hate

mat eenzelne Leit, déi an den Trafic impli-zéiert sinn; do leeft allerdéngs eng Enquête.

Véiert Fro dann. Mir sinn eis bewosst, datt d'Zréckzéie vun enger Autorisatioun eng ganz sensibel Matière ass. Et kann awer net akzeptéiert ginn, datt onberechtegt erlaangten Autorisatiounen ouni Sanktioune bleiwen. Mir siche mat all Entreprise eng gangbar Léisung ze fannen, fir Schued fir d'Leit an och fir hir Aarbechtsplaz esou wäit wéi méiglech ze vermeiden. Duerfir ginn och all eenzel Entreprises an de Ministère convoquéiert. Si kréien déi vum Gesetz vir-gesinnen Iwwergangsfristen zougestanen, fir déi bestehend Erfuerdnerisser, déi un de Gérant gestallt ginn, ze erfëllen. Soss muss d'Autorisatioun definitiv entzu ginn. Dëst be-trëfft allerdéngs nëmmen déi administrativ Prozedur.

Et sief och drun erënnert, datt strofrechtlech gesinn d'Produktioun an den Usage de faux e kriminellen Akt ass, an datt doduerjer déi Ver-antwortlech vun dëse Betriber eventuell och nach eng Strof um penale Plang riskéieren.

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum éischten ordinäre Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Dis-kussioun vum Projet de loi 5643, en Of-kommes iwwert d'Conférence européenne de biologie moléculaire, a vum Projet 5644, en Ofkommes iwwert de Laboratoire euro-péen de biologie moléculaire. Béid Projekte ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Rie-dezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Goerens, Fayot, Mehlen an d'Madame Loschetter.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projets de loi, déi an enger Diskus-sioun behandelt ginn, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis!

## 3. 5643 - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant la Conférence Européenne de Biologie Moléculaire, fait à Genève, le 13 février 1969

## 5644 - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant le Laboratoire Européen de Biologie Moléculaire, fait à Genève, le 10 mai 1973

### Rapports de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

»»» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, Lëtzebuerg ass am technologeschen Émbroch. Wa mir nach an de 50<sup>er</sup> Joren am leschte Jorhonnert vun der Minett an dem Stol geschwat hunn, war et an de 60<sup>er</sup> an an de 70<sup>er</sup> Joren den uwuessende Finanz-secteur. An den 80<sup>er</sup> an 90<sup>er</sup> Jore koum dunn den opstrieuende Secteur vun de Satelliten derbäi. Derniewent ass eis Gesellschaft ëmmer méi vun den elektronesche Medien an der mobiler Telekommunikatioun geprägt ginn. Duerch d'Kreatioun vun de Feuer-schungszentren an eiser Universitëit huet awer en neie Wand geblosen.

Dee virleiende Projet de loi gesäit dofir d'Approbatioun vum Accord iwwert déi Europäesch Konferenz fir Molekularbiologie vum 13. Februar 1969 vir. Elo kënnst ee soen: Dat huet awer eng laang Zäit gebraucht, bis deen an d'Chamber komm ass! Hei eng kleng Erklärung dozou.

An de 60<sup>er</sup> Jore vum leschte Jorhonnert hunn d'Wëssenschaftler d'Kreatioun vun engem Laboratoire fir Molekularbiologie verlaangt, an am Joer 1964 ass déi Eu-ropäesch Organisatioun fir Molekularbio-logie gegrënnt ginn. D'Aufgab vun dëser Organisatioun war et deemools, fir Bourssen un déi Wëssenschaftler ze verginn, déi de gewünschten europäesche Laboratoire opbaue sollten.

1969 ass dunn déi Europäesch Konferenz fir Molekularbiologie an d'Liewe geruff ginn. Hiert Hauptzil war et, d'Entwécklung an d'Recherche vun der Molekularbiologie an Europa virunzedreiwen. Doriwwer eraus sollt och d'Ausbildung an d'Weiderbildung vun de Chercheuren op dësem wichtege Gebitt ënnerstëtzt ginn.

Lëtzebuerg huet deemools net matge-maach, awer aner 25 Länner aus Europa an och Israel an d'Türkei hu scho mat-gemaach. Haut triede mir duerch eise Vote der Konferenz bäi; d'Demande vun der wës-senschaftlecher Fuerschung hei am Land huet dat bewierkt.

D'Molekularbiologie befaasst sech mat der Struktur an der Funktioun vun der DNA op

molekularem Niveau. D'Wëssenschaft stellt fest, dass d'Molekularbiologie ëmmer méi an d'Beräicher wéi Chemie a Biologie andréngt, hei am Besonneschen an d'Ge-netik an an d'Biochemie. Eng vun de wich-tegsten Aufgaben ass dofir d'Erfuerschung vun de Wiesselbezéiungen tëschent der DNA an de Proteinen an den Zellen. D'Fuer-scher gesinn hei eng ganz Palett vu bioche-meschen, mikrobiologeschen, geneteschen a gentechnesche Prozesser vir. Lëtzebuerg ka sech elo och do erabrénge.

D'Europäesch Konferenz fir Molekularbiolo-gie huet hire Sëtz zu Heidelberg an hir Haaptmissioun ass et, den Europäesche Laboratoire fir Molekularbiologie ze finan-zéieren.

An der jéngster Vergaangenheet huet si e wëssenschaftleche Programm fir déi euro-päesch Jonkfuerscher an d'Wee geleet. Do-duerch sollt de wëssenschaftlechen No-wuess an Europa eng Chance an der Wës-sensgesellschaft kréien.

Duerch e weidere Projet gëtt versicht, d'Welt vun de Fuerscher méi no un de breede Public erunzedroen an domadder fir Trans-parenz ze suergen. Derniewent besteet awer och eng elektronesch interaktiv Platt-form, wou een d'Daten iwwer all Domäne vun de Sciences de la vie agesinn an och erofluede kann.

Duerch de Bäitrëtt zur Europäescher Konfe-renz fir Molekularbiologie ginn der Lëtzebuurger Fuerschungslandschaft nei Weeër opgemaach. D'Demande vu Lëtzebuerg, fir do Member ze ginn, gouf och schonn akzeptéiert. Ënner anerem kënnen elo Bourssë fir Fuerscher bereet-gestallt ginn a wëssenschaftlech Konfe-renzen duerchgeféiert ginn.

Wa Lëtzebuerg dëser Konferenz elo bäitrëtt, da kann och de Bäitrëtt zum Europäesche Laboratoire fir Molekularbiologie duerch e weidere Gesetzesprojet duerchgeféiert ginn. Et ass awer och wichteg ze ënner-sträichen, dass déi zwou Ratifikatiounen an engem Intervall vun engem Mount duerch-geféiert missten a sollte ginn. Eis Regierung huet awer eng Derogatioun kritt, esou dass mir haut dann déi zwee Votë mateneen duerchféiere kënnen.

Wat elo de finanziellen Impakt vun dësem Bäitrëtt ubelaangt, esou gëtt hei no engem Schlëssel verfuier wéi dee vun der OCDE festgeluecht ginn ass. Fir Lëtzebuerg mécht de Joresbäitrag 0,21% vum Gesamtbudget vun der Europäescher Konferenz fir Molekularbiologie aus. Fir dëst Joer gëllt et 32.900 Euro ze investéieren, fir dat nächst Joer 35.400 a fir 2009 38.200 Euro.

Vläicht zum Schluss nach Detailer vum Gesetzesprojet. En ass den 1. Dezember d'lescht Joer an der Chamber vun Här Aus-seminister Jean Asselborn déposéiert ginn an de Statsrot huet säin Avis de 14. Februar 2007 eragereecht. Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech an hirer Sitzung vum 16. Mee 2007 dann elo kuerz mat dem Gesetzesprojet auserneegesat an och mam Avis vum Statsrot. De Rapport ass de 7. Juni ugeholl ginn, an och do eestëmmeg.

Souwuel de Statsrot wéi och mir an der Kom-missioun hunn d'Wichtigkeet vun dësem Accord fir ons Wëssensgesellschaft ënnerstrach an dowéinst biede mir lech alleguerten ëm eng breet Ennerstëtzung. Ech bréngen och eisen Accord vun der CSV schonn eran a soen elo Merci fir d'Nolauschteren.

An da fuere mer quasiment eriiwwer op den nächste Projet de loi, well dat beienee sollt goen.

Ech fänken erëm eng Kéier un, Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin,...

(*Hilarité*)

...och elo den Här Minister - ech hunn dee virdrun iwwersi gehat, entschëllegt. Jo, mä et soll een ëmmer héiflech am Liewe sinn, dat gouf ech an enger gudder Kannerstuf geléiert. War et net esou? Voilà.

»»» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Très bien.

»»» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *rapporteur*.- Och hei gëllen déi Gesetzer, déi een doheem geléiert gouf.

...mat dem Gesetzesprojet iwwert den Ac-cord vun der Europäescher Konferenz fir Molekularbiologie huet Lëtzebuerg elo grad dann d'Dier opgemaach fir d'Fuerschung an engem Beräich vun der Molekularbio-logie.

»»» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Nach net.

»»» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *rapporteur*.- Ech sinn awer schonn der Meinung, dass dat haut passéiert.

»»» **Une voix**.- Ah, dann ass et gutt.

»»» **M. Marcel Oberweis** (*CSV*), *rapporteur*.- Dësen Accord ass awer eng Conditio sine qua non fir de Bäitrëtt zum Euro-päesche Laboratoire fir Molekularbiologie, deen de Sujet ass vun deem virleiende Ge-setzesprojet. Lëtzebuerg huet sech zu Genf den 10. Mee 1973 deemools net dësem La-boratoire ugeschloss. 19 Länner aus Eu-ropa an och Israel hunn dat deemools awer scho gemaach.

Genau wéi den Accord zum Bäitrëtt zur Eu-ropäescher Konferenz fir Molekularbiologie huet et laang gedauert, bis dëse Projet hei an d'Chamber komm ass. Ech hunn d'Erklä-rung dofir virdru schonn ofginn.

Duerch d'Schafung vun eiser Universitëit kënnt awer elo en neit Émdenken an d'Land. D'Hauptzil vun dësem Laboratoire ass et, de Lëtzebuurger Fuerscher all Méig-lechkeeten ze ginn, fir vun den Infrastruku-ren op dësem wichtege Gebitt an Europa ze profitéieren. De Laboratoire huet säin Haaptsëtz zu Heidelberg. Weider Labora-toiren, opgedeelt no Fachgebidder, sinn dann zu Monterotondo bei Room, zu Hamburg, zu Grenoble an zu Hinxton no bei der Stad Cambridge.

An all dëse Laboratoirë schaffen zurzäit schonn 1.400 Chercheuren an déi sinn do engagéiert a Gebidder, déi eis muer e Stéck a munche Fuerschungselementer weider-brénge wäerten.

E weidere wichtege Volet ass awer ganz kloer d'Offer vun der permanenter Weider-bildung fir eis Fuerscher, well jiddferee weess jo: Deen, dee sech net weiderbilt an deem Domän do, dee fält zrëck.

Och wa Lëtzebuerg elo dem Europäesche Laboratoire bäitrëtt, dann däerf een awer net vergiessen, dass hei am Land schonn eng sëlliche Projeten op dësem Gebitt duerchgeféiert ginn. Ouni an d'Detailer ze goen, wëll ech hei den CRP-Santé an den CRP Gabriel Lippmann zitéieren, wou iwwer 150 Fuerscher momentan hirem Wëssens-drang noginn.

Duerch d'Kreatioun vun onser Universitëit kënnt et awer elo zu där sougenannter be-néidegter Masse critique, fir der Recherche fondamentale an och der Recherche ap-pliquée en neie Stellerwäert ze ginn. Derniewent wierken och nach d'Fondation fir Kriibsfuerschung, den CRP Henri Tudor, den Institut viti-vinicole an och de Fonds na-tional de la Recherche an dësem interes-sante Beräich mat.

A wann d'Cité des Sciences zu Esch-Belval emol steet, da kënnen mer eis virstellen, dass eng ganz Rei vu Start-ups an och Spin-offs sech ronderëm d'Molekularbiologie gref-féiere wäerten. Domat kënnen mir och nei Aarbechtsplaze schafen an doriwwer eraus kënnen mir och jonk Fuerscher, déi mo-mentan am Ausland sinn a gäre géifen zrëckkommen, erëm zrëck an eis Fuer-schungslandschaft erënbréngen.

Wat de finanziellen Impakt vun dem Bäitrëtt zum Europäesche Laboratoire fir d'Moleku-larbiologie ubelaangt, esou gëtt och hei nom Schlëssel vun der OCDE verfuier. Lët-zebuerg muss 0,21% vum gesamte Budget bäisteieren, dat heescht fir 2007 musse mir 151.500 Euro bezuelen a fir dat nächst Joer 159.500 Euro.

Zum Schluss nach e puer Detailer. Och wéi dat anert Gesetz ass dat hei gemeinsam den 1. Dezember 2006 vum Här Aussemi-nister Jean Asselborn hei déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot ass och parallel komm de 14. Abrëll an och an därsel-wechter Kommissioun, an der Sitzung vum 16. Mee, hu mer eis domat befaasst. De Rapport ass de 7. Juni och eestëmmeg ugeholl ginn.

De Statsrot an och ons Kommissioun hunn d'Wichtigkeet vun dësem Accord fir ons Wëssensgesellschaft ënnerstrach. Erlaabt mer awer och zum Schluss der Madame Josiane Entringer aus dem Ministère vun der Recherche fir hiren Engagement Merci ze soen, well si huet dat Ganzt esou duergeluecht, dass mir kee Problem haten, déi zwee Gesetzer hei duerchzezéien.

Well Lëtzebuerg sech awer mat deenen zwee Gesetzesprojeten an de Geescht vun der Lissabon-Strategie setzt, déi jo vun ons alleguerten eng Opbrochstëmmung fir d'Wëssensgesellschaft verlaangt, bieden ech hei ëm eng breet Zoustëmmung. Domat



setze mer e wichtegt Signal fir déi Wëssenschaftler dobaussen, déi sech der Molekularbiologie verschriwwen hunn.

Ech bréngen och hei den Accord vu menger Fraktioun mat eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet dann den honorabelen Här Wagner.

Pardon, den Här Goerens.

**Discussion générale**

» **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, den Här Oberweis, Rapporteur, huet ëm eng breet Zoustëmmung gebieden. Opgrond vu sengem exzellente Rapport kann ech mech deem net verweigere, an dat am Numm vu menger Fraktioun.

» **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat hätt den Här Wagner och fäerdeg bruecht.

**(Hilarité)**

» **M. le Président.**- Merci, Här Goerens, fir déi däitlech Aussoen. Dann huet den Här Fayot d'Wuert. Här Fayot!

**(Interruptions)**

» **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech wollt zwou, dräi Remarquen zu deenen zwee Projete maachen.

Déi éischt Remarque: Deen Accord iwwert dee Laboratoire fir Biologie moléculaire ass jo en interessanten Accord, well et eng intergouvernemental Initiativ ass, déi also ausserhalb vun de Strukture vun der Europäescher Unioun stattfënnt op engem Gebitt vun der Recherche de pointe an Europa. D'Iddi ass jo, wéi de Rapporteur dat hei exzellent gesot huet, fir eng zentral Struktur ze hunn, dee Laboratoire zu Heidelberg mat deene Satelliten, véier anere Satelliten a verschiddene Länner, fir d'Recherche ze encouragéieren um Gebitt vum Vivant.

Den Här Oberweis huet a sengem Rapport selbstverständlech akribesch déi Institutionen, déi zu Lëtzebuerg mat der Recherche du vivant befaasst sinn, opgezielt. Et ass allerdéngs keng Indication komm, firwat déi Adhésioun fir deen Zentrum do, dee jo säit 1974 besteet, elo kënnt. Et kann ee sech natierlech virstellen, dass et elo kënnt, well mer an enger Phas sinn, wou d'Lëtzebuurger Recherche sech ëmmer weider dévloppéiert a wou d'Regierung jo och wëllt d'Prozentsätz fir d'Recherche ëmmer méi eropsetzen. Mir sinn ongeféier bei 0,3 bis 0,4 a mir wëlle jo op 1% ëm 2010 kommen. Et kann also domat zesummenhänken.

Ech wär awer interesséiert, wann d'Madame Statssekretärin ons kënnt soen, ob an deenen Instituter, déi elo mat Recherche du vivant befaasst sinn, prezis Besoinë si fir all déi Offeren, déi eben dee Laboratoire do bitt. Dat si jo vill Offeren. Den Här Oberweis huet et jo duergestallt. Et sinn net nëmme Facilitéite fir Recherche, dat si Formationen, dat si Seminäre fir Studenten oder fir Leit, déi amgaange sinn, eng Formation ze maachen. Et wär also interessant ze wëssen, ob do sech eppes an dësem Abléck mécht.

Dann hat ech och an der Kommissioun gefrot, wéi bei deene villen Instituter, déi sech zu Lëtzebuerg mat Recherche du vivant ofginn, d'Koordinatioun ass. Den Här Decker, den zoustänneg Mann am Ministère de la Recherche, hat ons gesot, do géif geschafft ginn no de Recommandatioune vun der OCDE.

Ech hunn dat am Rapport iwwert d'Recherche vun 2006 nogelies, an do gëtt effektivt och gesot, dass Enn 2006 dru geschafft géif tëschent dem Ministère de l'Économie, dee jo fir Luxinnovation zoustänneg ass, an dem Ministère de la Recherche, dee fir déi eigentlech Recherche zoustänneg ass, fir éischstens e Conseil supérieur de la recherche et de l'innovation opzebauen - ech wär interesséiert ze wëssen, wéi wäit a wou deen ass -, an zweetens dann och fir dee Contrat de performance pluriannuel auszeschaffen, deen also zwëschent dem Stat an deene verschiddenen Acteuren an der Recherche kéint ofgeschloss ginn. Dat si jo d'CRPen,

den CRP-Santé, den CRP Lippmann, héchstwahrscheinlech och den CRP Tudor, dat ass d'Universitéit, et ass de Fonds national de la Recherche, et ass och de CEPS engersäits an dann natierlech Luxinnovation anersäits. Et ass also en interessante Projet.

Ech mengen, et ass kee Problem, dass mir als LSAP deem zoustëmmen. Mä ech mengen, wann een elo vläicht iwwert déi reng formal Approbatioun, déi mer hei ginn, an och iwwert déi puer méi finanziell Aspekter ewechgeet, ass et awer interessant sech ze froen, wat dann elo mat deem Accord geschitt a wat fir direkt Initiative mer mat deem Accord huelen, well do vill Potenzialitéiten dra sinn, déi mer och solle benotzen.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Nächstes...

**(Interruptions diverses et hilarité)**

Här Bettel, hutt Dir d'Wuert gefrot? Ech hunn lech zwar héieren.

» **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech wollt dem Här Fayot félicitéieren.

» **M. le Président.**- Dann ass et un der Madame Loschetter.

**(Interruption)**

Den Här Adam huet d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).**- Ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun.

» **M. le Président.**- Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).**- Här President, et wär sécher munches och zu dësem Projet ze soen. Ech wëll mech de Mercien un de Rapporteur uschleissen, deen och net zu Onrecht drop higewisen huet, wéi wichteg datt d'Recherche an dësem Domän ass.

Zwou Remarquen dozou. Recherche ass wichteg, a wa mir do wëllen an Zukunft weider participéieren, an dat ass onausweichlech noutwendeg fir eis Économie, da musse mer eis och Gedanke maachen iwwer eis Basisformatioun, fir datt mer och jonk Leit genuch herno kënne an dee Secteur do drainéieren. Do hu mer e riseg Problem.

Dat Zweet ass: Mir hunn d'Chiffere vun Rapporteur héieren, wat dat hei als Kontribution pro Joer kascht. Mir sinn der Meenung, datt dat de Statsbudget net wäert an den Déséquilibre bréngen, au contraire, datt déi dach relativ modest Zomm hei hofentlech, denken ech, gutt wäert investéiert sinn, an domat wëll ech och den Accord vun eisem Grupp hei bréngen.

» **Une voix.**- Den Här Bodry huet och nach eppes ze soen.

» **M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. D'Madame Modert huet d'Wuert.

**(Interruption et hilarité)**

Här Bodry, wann Dir den Ausféierunge vun Här Fayot eppes bäizefügen hutt, da géif ech lech bieden, erop op d'Tribün ze kommen.

**(Interruptions diverses et hilarité)**

Sou, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert huet d'Wuert.

**(Interruption et hilarité)**

» **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Merci, Här President. Ech wollt just ganz kuerz eppes där ganzer Saach bäifügen, well viles hei gesot ginn ass, besonnesch vum Rapporteur - Merci villmools dofir -, an zwar datt de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg zu der Europäescher Konferenz an dem Laboratoire vun der Molekularbiologie ganz an de Linne vun eiser Forschungspolitik läit, well mir domadder Member gi vun engem ganz staarken Netzwerk, wat hei an Europa ass. Mir soe jo normalerweis, mir hunn der ze vill an Amerika an net genuch hei an Europa. Dëst ass eent vun deene ganz bekannten a vu ganz internationalem Niveau hei an Europa.

Well eis jonk Forscher vun hei déi ganz prestigiéis Bourssë vun dësem Institut da kréie kënne, dat heescht, fir entweder an deem Laboratoire do oder an engem anere Memberland vun dem EMBL hiert Doktorat oder hir Post-Doktorat-Studië kënne ze maachen, well eis jonk Forscher, eis Forscher vun hei d'Méiglechkeet kréien, fir aacht Joer Maximum an den EMBL schaffe kënne ze goen, heescht dat, hei kënne nei Forschungs-carrièren entstoen, wat an dësem Beräich och méi Ureiz gëtt fir zukünfteg Studenten, fir d'Molekularbiologie wëllen ze studéieren.

Well eis Forschungsinstituter vun de Laboen a vun den Aktivitéiten hei profitéiere vun der

Molekularbiologie, déi ebe wéi gesot op internationalem Niveau héchste Renommée hunn an déi als dat Bescht gehandelt ginn, wat Europa am Beräich vun der Molekularbiologie ze bidden huet, gëtt dat duerfir eise Laboen op där anerer Säit och erëm d'Méiglechkeet a Méiglechkeeten, fir sech selwer op internationalem Niveau ze etabléieren oder herno eventuell ze confirméieren.

Also, d'Virdeeler vun dësem Bäitrëtt sinn nei Forschungs-carrièren, d'Förderung vun enger Culture scientifique hei am Land, den Accès op sämtlech Infrastrukturen a Kollaboratiounen an d'Netzwerk, wat d'EMBC u sech bitt.

Da kann een natierlech froen, firwat mer dat haut eréischt gemaach hunn.

Well mir engersäits eng nei Entwécklung hunn, souwuel an eiser Forschungsland-schaft, nodeem mer eng Uni kritt hunn, nodeem mer 1999 en FNR agesat hunn an nodeem mer dee Moment also méi etabliéert sinn am Forschungsberäich an eis Forschungsinstituter sech och e ganz bësse vum applizéierten op den Transfert de technologie eriwuer op heianso e puer fundamental Aspekter bewegen.

An op där anerer Säit a ganz besonnesch, well den EMBL sech vun enger ganz strikter Grondlageforschung och eriwuer beweegt huet op e bësse méi applizéiert Forschung, do um Niveau och Spin-offen, do um Niveau och Transfert de technologie. Dat heescht, mir hunn eis elo ganz no beienee beweegt an den Interessi ass vill méi grouss haut, fir do Member ze ginn, wéi dat virun enger Zäit war.

Op d'Fro vum Ben Fayot: Eis Laboen, déi jo hei zu Lëtzebuerg am Beräich tätég si vun der Molekularbiologie an der Medezin, déi schaffen och haaptsächlech am Beräich vun der Cancérologie, den Neurosciences, der Immunologie, den Informatiounsprozesser oder awer och der Bioinformatik, der Modellisatioun vun Zellprozesser an och an der Agrarbiotechnologie. Dat heescht, do si ganz konkret Moosnamen, déi mir direkt wëllen aktivéieren.

D'Aktivitéite vun dëse Laboen hunn dann dee Moment och en direkte Bezuch...

**(Interruption)**

...zu den Aktivitéiten - Herr Bettel! - vum EMBL...

**(Interruption)**

Ech mengen, den Här Bettel kennt och eppes méi dovunner.

**(Hilarité et interruptions diverses)**

Oh, Merci fir d'Joffer, mä ech si manner Joffer wéi Dir vläicht.

**(Hilarité, brouhaha et coups de cloche de la Présidence)**

» **M. le Président.**- Sou! Da géif ech biede weiderzefueren, Madame Modert!

**(Brouhaha général)**

Madame Modert!

**(Interruption et hilarité)**

» **Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Ech hunn och guer net wëlles, dat alles wëllen ze wëssen.

Et deet mer leed, datt ech lech elo ënnerbrach hunn, ech wollt nämlech just dem Här Ben Fayot seng Äntwert fäerdeg maachen.

...well och aner Instituter op indirektem Wee vun dësen Aktivitéite vum EMBL profitéiere kënne oder matmaache kënne. Et sinn der schonn en Deel dovunner opgezielt ginn.

Wat de Conseil supérieur vun de la recherche et de l'innovation ubelaangt, dee si mer amgaangen anzesetzen. Dat heescht, mir sinn um Punkt fir d'Formalisatioun vun deem Asetzen ze maachen. D'Leit sinn amgaang kontaktéiert ze ginn. Mir hunn dat zesumme gemaach, déi Leit erauszesichen, an zwar souwuel mam Économiesminister wéi och mam Gesondheetsminister, esou datt mer do esou gutt wéi fäerdeg sinn.

Duerfir kann ech zum Schluss nach just soen, datt d'Molekularbiologie och e Forschungsfeld vum 21. Jorhonnert ass - et ass wichteg also hei bäizetrieden -, an datt selbstverständlech d'Käschten, déi dat kascht, éischstens net esou grouss sinn, an zweetens natierlech zielen, fir de Prozentsaz am PIB vu Lëtzebuerg, deen an d'Fuerschung geet, mat an d'Luucht ze dreiwen.

Merci villmools.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Statssekretärin. Domadder ass d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen zum Vote vun deenen zwee Projet-de-loien. Fir d'éischt den Text, deen am Document parlementaire 5643<sup>o</sup> steet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5643 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmme, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5644.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5644 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmme, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Michel Wolter), Marcel Sauber (par M. Lucien Clement), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Caudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Paul Helminger), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par Mme Colette Flesch), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, de Projet iwwert de Bau vun engem Dépôt fir d'Ponts et Chaussées zu Réimech. Et si bis elo ageschriwwen: do ass den Här Wagner ageschriwwen - den Här Goerens net -, den Här Scheuer an den Här Henckes. D'Wuert huet



elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement!

#### 4. 5677 - Projet de loi relatif à la construction d'un dépôt des Ponts et Chaussées à Remich

##### Rapport de la Commission des Travaux publics

»» **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Projet, deen ech haut virstellen, ass de 6. Februar vum Bauteminister Claude Wiseler déposéiert ginn. De 24. Abrëll huet de Statsrot säin Avis dozou publizéiert. De 7. Mee sinn ech als Rapporteur genannt ginn. An den 21. Mee hu mir an der Bautekommissioun de Rapport zu dësem Projet ugeholl. Esou vill zu de Formalitéiten.

Komme mer awer elo zu deem, wourëms et an dësem Projet u sech geet: de Finanzement an de Bau vun engem Dépôt souwéi den administrative Raimlechkeete fir d'Ponts et Chaussées zu Réimech.

Déijéineg, déi sech vun lech zu Réimech auskennen, wëssen, datt et batter néideg ass, datt d'Ponts et Chaussées zu Réimech en neien Dépôt kréien. Momentan sinn d'Servicer vu Ponts et Chaussées laut Projet de loi u véier verschidde Siten zu Réimech verdeelt, wat natierlech villes onnéideg verkomplizéiert.

Sou muss sech zum Beispill den administrative Service vu Ponts et Chaussées Réimech e Gebai an der Rue de la Gare mam Enregistrement deelen. An der Annex zu dësem Gebai sinn nach d'Atelieren an d'Raimlechkeete vum Service d'intervention ënnerbruecht. Den Dépôt vun der Brigade 2 vum regionale Ponts-et-Chaussées-Service huet en eegene Site an der Route de Mondorf, wat u sech awer e rengt Wunnegebitt souzesoe matzen a Réimech ass.

De Bureau de recette befënnt sech, esou de Projet de loi, an engem gelounten Haus, well zu Réimech soss keng passend Raimlechkeete fonnt konnte ginn. Hei mécht de Projet de loi awer menger Meenung no e klengen Denkefeeler. Ech hu mech, vu datt ech och vu Réimech sinn, iwwerall zu Réimech ëmgehéiert an ëmfrot, konnt awer net erausfannen, datt Ponts et Chaussées e Bureau de recette hätt, an och net wou e wier. Zousätzlech weess ech och net firwat se ee brächten.

Wat stëmmt, dat ass, datt Ponts et Chaussées tëschent Réimech a Stadbriedemes ënnen op der Muselstrooss emol Raimlechkeeten hat. Ech weess awer net, ob si do Locataire oder Propriétaire vun deem Gebai waren. Ech denken, datt den Här Wiseler eis herno Opschloss doriwwer kéint ginn an och dës Froe beäntwerte kann.

Deen neien eenheetleche Site wäert den Austausch tëschent deenen eenzelne Servicer an Departementer vu Ponts et Chaussées vu Réimech bedeitend verbesseren an eventuell zu Synergie mat de Servicer vun den Nopeschgemenge féieren. Selbstverständlech ass fir déi aktuell 27 Leit, déi um Site Réimech schaffen - während de Wanterméint sinn et der sechs méi fir de Service hiver -, mam Bau vun dësem Gebai e méi rationellt Schaffe méiglech.

Här President, e weidert wichtegt Argument fir dësen neien Dépôt ass nieft der Feststellung, datt Ponts et Chaussées zu Réimech op dräi Sitë verdeelt ass, d'Tatsaach, datt déi aktuell Installatioun komplett veraltet sinn a bei Wäitem net méi deem Standard entsprechen, deem se eigentlech missten entsprechen. D'Gebai, an deem den administrative Service ënnerbruecht ass, datéiert Enn vum 19. Jorhonnert. Do ass fir d'lescht 1958 restauréiert an ëmgebaut ginn.

Am Laf vun deene leschte Jore si verschidden Infrastrukture vu Ponts et Chaussées Réimech och vun der ITM zouge-maach ginn, well se net méi konform mat eiser Léislatioun waren. Déi aktuell Atelier-en hätte missen dréngend moderniséiert ginn, well et hei verschidde Problemer gëtt. Et ass éischstens emol e schlechten Accès; et si keng Garagen do; keng Lager fir Produiten oder aner Saachen ze stockéieren; keen adequaten Dépôt fir liicht brennbar Produiten; e Faarwenatelier, deen net méi konform mat eiser Gesetzgebung ass.

Am Dépôt vun der Brigade 2 sinn déi sanitär Anlage méi wéi rudimentaire an entsprechen och mat Sécherheet net méi deenen aktuellen Normen. De virgeschloenen Neibau wäert, denken ech, all dës Problemer léisen, an d'Gebailechkeete vu Ponts et Chaussées vu Réimech sinn dann erëm iwwer Jore konform.

E weidere wichtege Punkt, dee fir den Neibau schwätzt, ass dee ville Kaméidi, deen entsteet, well d'Brigade 2 - wéi ech dat scho virdrun ernimmt hunn - matzen an engem Wunnegebitt ënnerbruecht ass. Et ass virun allem am Wanter fir d'Awunner vun der Route de Mondorf immens penibel, wann d'Streeween do, déi nuets mussen erausfueren, opgeluecht musse ginn. Doduerch, datt deen neien Dépôt net méi an engem Wunnegebitt läit, mä an enger Zone d'activités locale, kënnen esou Stéierungen an Zukunft évitéiert ginn.

Här President, erlaabt mer, datt ech kuerz deen neie Projet virstellen. Den Terrain läit - wéi schonns gesot - an der Zone d'activité Jongebësch. Dës Zon läit, wann ee vu Réimech Richtung Bus firt, uewen op der Kopp riets vun der Nationalstrooss. An dëser Zone d'activité huet och d'Post, nieft verschiddenen Handwerksbetreiber an engem gréissere Geschäft, virun net allze laanger Zäit en neit Gebai, e Centre de distribution régional, opgeriicht. De Bau vun deem neien Dépôt weist eng typesch industriell Architektur op. D'Plaz um Site selwer gëtt esou gutt an esou effizient wéi méiglech genotzt.

D'Pläng gesinn dräi Gebaier vir: op där enger Säit dat administratiiv Gebai souwéi dat Gebai mat den Dépöten an de Locaux sociaux; op där anerer Säit d'Hal mat deene verschiddenen Atelieren an de Garagen. Den natierlechen Héichtenënnerscheed vum Terrain erlaabt et zwou Entréeën an zwou Sortien op zwee verschiddenen Niveaue virzegesinn an esou nieft engem passenden Accès fir de Public gläichzäiteg eng optimal intern Zirkulatioun bei de Garagen a bei den Atelieren ze garantéieren. D'Entrée fir de Public ass vun der Nationalstrooss aus ze gesinn an ass selbstverständlech och handicapéiertegerecht ugeluecht.

Fir elo d'Käschten e bësselchen ze drécken, sinn déi zwee éischt Gebaier eng massiv Konstruktioun. D'Atelieren an d'Garagë sinn awer éischter am Leichtbau gehalen. Beim Ausschaffe vun de Pläng ass besonnesch Wäert geluecht ginn op ekologesch Aspekter; dat haaptsächlech wat d'Energiekonzeptioun betrëfft.

Ech wëll lech elo op dëser Plaz net weider mat deenen dach éischter langweiligen technesch Details konfrontéieren.

»» **Plusieurs voix**.- Oh!

»» **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Dofir verweisen ech lech op mäi schrëftleche Rapport, wou Der dat alles erëmfanne wäert. Ech mengen, den Här Scheuer kennt se, well hien huet se ewell gelies.

»» **Une voix**.- Mir nach net.

»» **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Jo, dat ass awer Äre Problem, wann Der et net gelies hutt. Dat ass awer net mäi Problem.

»» **Une voix**.- Voilà!

»» **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Wat elo dee wichtege Volet vun de Finanzen awer betrëfft, esou däréf de Projet net méi wéi 9,920 Milliounen Euro kaschten. An do wëll ech drop hiweisen, datt a mengem schrëftleche Rapport en Tippfeeler ënnerlaf ass, well do steet 9,22 Milliounen. Ech wëll elo ouni grouss Formalitéiten awer vun dëser Plaz aus redigéieren, datt dat 9,920 Milliounen sinn. D'Frais de consommation ginn op 31.940 Euro pro Joer geschat an de järelechen Ënnerhalt op 171.473 Euro.

Et bleift nach ze erwähnen, datt d'Zon selwer mat engem Réseau de gaz do ass, deen da selbstverständlech och an Usproch geholl wäert ginn.

A sengem Avis vum 24. Abrëll 2007 huet de Statsrot och nach d'Noutwendegkeet vun den neie Gebailechkeete fir d'Ponts et Chaussées ervirgehuewen an e kritiséiert souguer, datt net schonn éischter op déi schlecht Situatioun reagéiert ginn ass. De Conseil d'État werft weider och d'Fro op, ob net nach fir aner Sitë vun de Servicer vun de Ponts et Chaussées en adequate Plan d'investissement misst etabléiert ginn a wéi et dorëm bestallt ass.

Ech denken, datt den Här Minister eis herno nach d'Fro ka beäntweren, wéi et mat deene Servicer vun de regionale Ponts et Chaussées uechtert d'Land ass, wéi do d'Gebailechkeeten an d'Raimlechkeete sinn.

De Conseil d'État huet sech awer och d'Fro gestallt, ob déi Zone d'activité, an där deen neien Dépôt gebaut gëtt, eng Zone régionale ass, fir déi de Wirtschaftsministère da misst säin Accord ginn, oder ob et eng Zone communale ass, fir déi d'Gemeng da responsabel ass an de Ministère dann och keng Autorisatioun brauch ze ginn.

Heizou ass ze preziséieren, datt et eng Zone communale ass, an datt d'Stad Réimech dem Stat den Terrain fir de Bau vun deem Dépôt fir d'Ponts et Chaussées iwwerlooss huet. Als Contrepartie dofir huet d'Stad Réimech dat aalt Ponts-et-Chaussées-Gebai an der Route de Mondorf kritt.

D'Infrastrukturkäschten, déi de Site selwer betreffen, belafe sech op ronn 350.000 Euro laut Projet a si vun der Stad Réimech virfinanzéiert ginn. Dëse Montant steet och am Projet dran a kann, wa mir elo dat Gesetz gestëmmt hunn, der Stad Réimech rem-bourséiert ginn.

Sou vill, Här President, vu menger Säit. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a brénge selbstverständlech awer och nach den Accord vun der CSV zu dësem Projet.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Merci, Här Clement. Den honorabelen Här Wagner huet d'Wuert.

##### Discussion générale

»» **M. Carlo Wagner** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll selbstverständlech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Clement, félicitéiere fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Sou wéi hien et richtig ervirgestrach huet, ass et jo esou, datt effectivement déi verschidde Servicer vu Ponts et Chaussées op véier verschidde Sitë verspreecht sinn, wat selbstverständlech och dee Moment e rationellt Schaffe ganz schwéier mécht. Wéi gesot, déi administrativ Servicer befanne sech an engem Gebai, dat 1880 genau gebaut ginn ass. An deem Gebai befënnt sech iwwregens och e Büro vum Enregistrement. Déi lescht Transformatiounen ginn och sage und schreibe op 1958 zrëck, esou datt jidderee sech virstelle kann, a wéi engem vétusten Zoustand déi Gebailechkeete waren.

Dann ass et jo och esou, datt am Laf vun de Jore schonn eng ganz Rei vun Infrastrukture vu Ponts et Chaussées vun der Inspection du Travail et des Mines zougemaach gi sinn, well se ganz einfach der Léislatioun iwwert d'Établissements incommodes net méi entsprach hunn.

Aus Sécherheetsgrënn - ech mengen, dat hat den Här Clement net gesot - war et och souguer esou, datt huet missen eng Bensinspompel zougemaach ginn, well déi matzen an engem Residenzvéierel louch.

Hien huet och richtegerweis drop higewisen, datt de Salzdépôt och matzen an engem Residenzvéierel war, wat deene Leit effectivement ganz vill Nuisancë bruecht huet, wësse mer dach, datt am Wanter selbstverständlech do dee Moment Dag an Nuecht a besonnesch an der Nuecht och ganz vill Circulatioun ass.

Hien huet och richtegerweis drop higewisen, datt sämtlech Atelieren onbedéngt eng Modernisatioun brauchen. Wéi gesot, et gëtt genuch Grënn, fir alleguerten déi dote Servicer elo op ee Site unique ze bréngen. Ech mengen, dat ass selbstverständlech am Intérêt vu all deene Leit, déi do schaffen. Et ass awer och am Intérêt vun deene Leit, déi bis elo ganz seriösen Nuisancen ausgesat waren, an et ass och finalement am Intérêt vun der Allgemengheet, mengen ech, well mir alleguerte profitéieren dovun, wann d'Ponts et Chaussées ënner ideale Konditiounen kënnen schaffen.

Ech wëll awer hei op dëser Plaz och nach dem Buergermeeschter vun der Stad Réimech, dem Jeannot Belling, a senge Schäfte félicitéieren, datt se et fäerdeg bruecht hunn,...

##### (Interruption)

...fir eng adequat Plaz ze fannen, well mir wëssen alleguerten, duerch d'Configuratioun vun der Gemeng ass et net evident...

»» **Une voix**.- Wéi heescht dee Schaffen?

»» **Mme Viviane Loschetter** (DÉI GRÉNG).- Wéi ee Schaffen?

»» **M. Carlo Wagner** (DP).- Déi zwee Schaffen, de Schaffen an d'Schäffin. Dir wollt sécher héieren, datt och eng Schäffin do ass.

##### (Hilarité)

Duerfir hu se eis dat elo gesot, Madame Loschetter.

Wéi gesot, och hinne Félicitatiounen, well wierklech, et ass an där Gemeng net vill Raum iwwreg bliwwen.

Finalement mengen ech, ass och déi Re-marque oder déi Suerg vum Conseil d'État honnert Prozent zoutreffend, datt een onbedéngt muss kucken, ob net nach op anere Plazen hei am Land ähnlech Zoustänn walten, esou datt och do misst ganz schnell Remedur geschaf ginn.

Jeudi,  
14 juin 2007

SÉANCE

38

Aus all deene Grënn, déi ech elo évoquéiert hunn, ass et selbstverständlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt ech och am Numm vu menger Partei, der Demokratescher Partei, d'Zoustëmmung zu dësem flotte Projet ginn.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Merci, Här Wagner. Als nächste Riedner ass et de Vize-President vun der Chamber, den Här Jos Scheuer, deen d'Wuert huet.

»» **Plusieurs voix**.- Ah!

»» **M. Jos Scheuer** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Rapporteur huet gesot, säi Rapport wär relativ langweileg. Dat ass guer net wouer. De Rapport vum Rapporteur war exzellent. En huet alles opgezielt, wat zu deem Neibau ze soen ass, an den Här Wagner huet duerno och drop higewisen op eng richtig Aart a Weis, wou d'Problemer zu Réimech leien. Am Numm vu menger Partei, der LSAP, schléissen ech mech deene schéine Wieder un.

D'LSAP begréisst, datt zu Réimech endlech Remedur geschaf gëtt. Dee Bau war noutwendeg, well d'Ponts et Chaussées op verschiddene Siten hu misse schaffen an hir Aarbecht, déi se am Intérêt vun alle Bierger, wéi den Här Wagner dat treffend gesot huet, maachen, elo ëmsou besser maache kënnen. Den Haff Réimech ass e Raum, an deem och op d'Ponts et Chaussées vill méi Chargen zoukomm sinn an der leschter Zäit. Och dat huet den Här Wagner gesot, an dowéinst ass et héich Zäit ginn, datt mer endlech dee Bau esou stëmmen, wéi en elo virläit.

De Bau ass funktionell, en ass baulech propper, en ass integréiert an déi Zon. E gehéiert och an déi Zon an en ass esou konzipéiert, datt d'Ponts et Chaussées hir vill Servicer, hir vill Funktiounen, déi se ze erfëllen hunn, kënnen vollzéien.

Ech wollt just déi Fro stellen, déi och den Här Wagner gestallt huet, nämlech ob dru geduecht gëtt, fir an anere Regiounen och d'Ponts et Chaussées besser ënnerdaach ze kréien, ob Neibaute geplangt sinn. Et ass jo esou, dat ass och um Beispill vu Réimech ze demonstréieren, datt déi Servicer bal organesch gewuess sinn, hir Chargë si gewuess, hir Kompetenze si gewuess, gläichzäiteg sinn awer hir Moyenen zwar finanziell opgestockt ginn, mä hiert Instrumentarium, dat se zur Verfügung hunn, an hir Infrastrukturen entsprechen net deene Chargen, déi se ze erfëllen hunn.

An da wëll ech op eppes hiweisen, wat och schonn ugeklongen ass: Et muss Synergie gemaach gi mat de Gemengen. D'Gemenge sinn am Wanterdéngscht op d'Ponts et Chaussées ugewisen. Et kann een och virdrun nach Synergie maachen, an dat ass eng Aarbecht, déi misst een och institutionnaliséieren. Et misst een administrativ kucken, fir déi Zesummenaarbecht mat de Gemengen do, wou se sech ergëtt, dann op eng richtig Bunn ze bréngen, quitte datt do indémniséiert gëtt.

Domadder bréngen ech zu deem gudde Projet och den Accord vun der Lëtze-buerger Sozialistescher Aarbechterpartei.

»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

##### (Interruptions)

»» **M. le Président**.- Merci, Här Scheuer. Den Här Mehlen ass leschte Riedner zu dësem Projet.

##### (Interruption et brouhaha général)

Oh, pardon! D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

»» **Mme Viviane Loschetter** (DÉI GRÉNG).- Här Weiler, ganz kuerz, ech wollt just den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem heite Projet ginn. Merci.

»» **Une voix**.- Très bien!

»» **M. le Président**.- Entschëllegt, Madame Loschetter, mä Dir waart net ageschriwwen hei op mengem Ziedel. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

»» **M. Robert Mehlen** (ADR).- Merci, Här President. Och vun eiser Säit e Merci un de Rapporteur. En huet eis dätlech gesot, ëm wat et geet a wou d'Problemer leien.